Proposéieren en Tour an d'Argonne den 09 August 2020 ze fueren

Den Tour wäert **ronn 450 Kilometer** wäit sinn, mat tank Méiglechkeet bei 250 Kilometer.

Mir wäerten beim Beenhaus vun Douaumont stoen bleiwen (eenzeg ëffentlech Toiletten déi op sinn, an no de Corona Reegele gebotzt gin) Fir de Rescht vun der Streck ass et an dem Fall en Ausfluch an d'Natur,
Ab do geet et direkt wieder ouni stoen ze bleiwen bis bei:

Montfaucon, - Vauquois - Melzicourt – ..... Tankstop Sainte Menehould

An duerno e Stéck iwwert Voie Sacrée op Verdun an dann zeréck op Lëtzebuerg

Bis op 4Km, als Strooss een Naturbefestegte Feldwee, ass alles op Goudron.

All déi Plazen wou mer Stoebleiwen sinn am Freien. Kennen a wäerte besichtegt gi, Dauer vun 15 min bis eng gutt Stonn.Fotoapparat nët vergiessen.
Also net nëmmen Motofueren mee och trëppelen. (ugeluechte Beschwéer, heiansdo och bëssi géi, mee d'Méi ass et wäert)

Pausen sinn Resto méisseg KENG geplangt.
Picknick /Uebst, asw, an och genuch ze drénke mat huelen !!! (1-2 Liter léiwer méi wann et waarm ass)

An einfach wärend der Besichtegung e klenge Maufel iessen an drénken.

Beim Retour zu Lëtzebuerg géif ech proposéieren dann Owes eppes iessen ze goen.

Als Erënnerung denkt drun wa mir net Motofueren, dass jiddwereen sech un d'Corona Reegelen ze halen huet.
An dass mir op engem Site de Mémoire ënnerwee sinn. Frontverlaaf September bis November 1918
Mat ronn 388.000 Doudegen, Bis haut gi nach iwwert 120.000 Zaldoten hei vermësst, a reegelméisseg gi hei nach (nom Wanter oder bei Feld an bei Instandsetzungs Aarbechten) Läichen an Krichsmaterial fonnt.

Well alles am freien ass, an den Tour relativ laang dauert, gëtt den Tour an där Gréisst wie beschriwwen och nëmmen gefuer wann et net reent.

Matfueren nëmmen mat korrekter Motorradskleedung!

Umellen bis spéitstens Freides 06/08/2020 09:00 !

Limitéiert Zuel vun fräie Plazen, Mindest Raichwait vum Moto +250 km

Vir sech unzemellen einfach e Kommentar deem entspriechend hei hannerloossen.

Dir gitt dann iwwert Messenger kontaktéiert, mat der genauer Zäit **fréi géint 8 Auer**

an der Startplaz. Retour zu Lëtzebuerg no 19:00